Walfer Foto-Frënn

Clubzeitung

01|11



Raymond Louis

1. Club News

D'Grouss Vakanz huet ewell laang ugefaangen a mir kommen elo eréischt mat der éischter Clubzeitung fir dëst Joer geschäert! Wat ass do geschitt ? Ganz einfach, et hat bis elo keen sou richteg Zäit, fir sech drëm ze këmmeren.
Et geet also der Clubzeitung net aanëscht, wéi sou villen aanere Saachen, déi mer schon ëmmer wollte maachen an déi wéinst Zäit- a Interessemangel nach ëmmer op der ToDo- Lëscht stinn.

Sou hat de Comité och fir dëst Joer nees bei den aktive Memberen nogefrot, wat fir Aktivitéiten se géifen interesséieren. De Feedback war, wéi géifen se déi Säit vun der Musel soen : verschwindend gering. Also huet de Comité sech, zesummen mam Aarbechtsgrupp « Aktivitéiten », selwer Gedanken driwwer gemaach, wat d'Membere kënnt interesséieren a wat an den nächste Méindesversammlunge gemaach soll ginn.

Sou stinn fir de Rescht vum Joer, nieft den obligate Preparatiounen fir eisen interne Concours a fir d'Fotosausstellung, e puer flott Saachen op der Lee, déi hoffentlech ville Membere gefaalen.
Den detailléierte Programm vu September bis Januar fannt der an dëser Zeitung.

Et geet, wéi kann et aanëscht sinn, och ëm HDR-Fotoen. D'ganz Welt schwätzt dovun. Keng Fotoszeitung ouni een Artikel, keng Expo ouni e puer HDR-Fotoen a mir wëlle vun elo un och e Wuert matschwätzen kënnen. Dowéinst huet de Vito Marinelli eis an dëser Ausgab en interessanten Artikel zesummegestallt, wou hien eis d'HDR-Fotografie aus senger Optik an Erfahrung viirstellt.
A wann dann den 19. September gutt Wieder ass, treffe mer eis an der Stad a probéieren, mam Vito sengem Artikel an der Hand, seng Viirschléi a gutt Fotoen ëmzesetzen.
Wann et awer den 19. September reent, bleiwe mer eben am Studio a schwätzen iwwer dat, wat mer alles hätte kënne maachen, wann et dann elo net géif reenen.
Eigentlech sinn esou « Wéinst-dem-schlechte-Wieder-Reuniounen » am Studio ganz sympatësch. Déi läschte Kéier, wéi eis geplangte Randonnee op d'Baggerweieren fir déi zweete Kéier noenaaner an d'Waasser gefall ass, ware mer zesummen eng Pizza iessen !
Ma, och wann d'Pizza gutt an d'Gespréich ronderëm interessant war, sollte mer fir esou Grenzfäll vu meteorologëscher Onzou-rechnungsfähegkeet net besser e puer Sujeten präparéiert hunn, wou mer kënnten am Studio driwwer diskutéieren oder dru schaffen ?
Een Alternativprogramm fir wann d'Wieder flippt ?
De Comité wäert sech an senger nächster Versammlung domat befaassen, fir an Zukunft eng Alternativ zu der Pizza ubidden ze kënnen (an ech denken elo net un e Päerdsbiffteck).

A wa mer scho bei den Aktivitéite sinn : De Pierre Levy huet eis e Workshop ugebueden. « Blëtzen mam Speedblëtz » oder : Wéi maachen ech gutt Portraiten mam normalen Opstiechblëtz.
De Workshop ass weder Méindes nach no der Vakanz ma Donneschdes a mëtten am August ! Eng Summerakademie fir déi, déi dee Moment heiheem sinn an en Highlight (d'Wuert passt) fir d'Blëtzfreaken. Weider Detailler dozou fannt dir op den nächste Säiten. Avis aux amateurs !

Fir ofzeschléissen wënschen ech eis alleguer mol nees e richtege Summer, sou wéi mer een am Fréijor haten, an eng flott Vakanz.

De Sekretär







Reportage AG 2011:

Pierre Levy
Paul Provost

2. Programm bis Januar 2012

05.09.2011: Remise photos expo et portraits des participants à la collection WFF
Haut ass den Dag, wou Dir är Fotoe fir eis Ausstellung am Oktober sollt ofginn.
Et sinn 2 Kategorien virgesinn, an zwar: 1) Sujet imposé "4 Joreszäiten" an 2) Sujet libre.
Fir all Kategorie kënnt Dir 4 Fotoen ofginn, woubäi am Sujet imposé obligatoresch eng Foto pro Saison muss derbäi sinn. Et geet also net, wann een 2 Fotoe vum Wanter an 2 vum Summer era gëtt. Bréngt är Biller w.e.g. an digitaler Form an a voller Opléisung mat (CD, Stick), de Club bezuelt d'Entwéckelen vun de Biller. Schreift w.e.g. ären Numm an den Titel vum Bild bei d'Foto!
Dës Ausstellung ass mat engem interne Concours verbonnen, wou déi beschte Biller vun enger externer Jury ausgewielt ginn an et an all Kategorie 3 Präisser ze gewanne gëtt!
Fir an eis Fotoshow (Collection WFF) maache mir vu jidderengem, dee Fotoen era ginn huet, e Portrait, dee mir dann an d'Show abauen. Mir probéieren fir keng banal "Passfotoen" ze maachen.

19.09.2011: Sortie "HDR" en Ville
Nodeems mir am Fréijoer eng Aféierung an d'HDR-Fotografie vum Vito kritt hunn, gi mir haut an d'Stad HDR-Fotoe maachen. Mir wäerten eis an e puer Gruppen opdeelen, fir dass mir herno net all déi selwecht Biller hunn. Zum Ofschloss treffe mer eis dann op e Patt.

03.10.2011: Cadrage photos expo
Mir maachen d'Fotoen fir eis Ausstellung an d'Kaderen.

17.10.2011: Décadrage photos expo et sélection des photos pour le hall d'entrée
Mir ginn d'Biller vun eiser Ausstellung an de Centre Prince Henri sichen an huelen se aus de Kaderen eraus. Duerno maache mer eng Selektioun fir d'Trapenhaus an den Agangsberäich vun eisem Lokal ze verschéineren.

07.11.2011: Photos HDR – analyse des photos du 19 septembre
Mir kucken an analyséieren d'HDR Fotoen déi mir den 19. September bei eiser Sortie an d'Stad geknipst hunn.

21.11.2011: Conférence FLPA
E Vertrieder vun der FLPA kennt eis déi lëtzebuergesch Fotos Federatioun an hier Aktivitéiten virstellen. Weider kréie mir Explikatiounen iwwer déi verschidde Concoursen déi vun der FLPA respektiv der FIAP organiséiert ginn.

05.12.2011: Saint Nicolas – séance photos
Fotoshooting um Virowend vun Niklosdag: mir engagéieren e Model wat mer am Nikloskostüm fotograféieren.

19.12.2011: Projection
De Georges Schiltz weist Biller vu senger Rees op KUBA. Dës Projektioun ass am Projektiounssall vum Centre Prince Henri!

02.01.2012: Le pot du Nouvel An
Mir bleiwen eiser laangjäreger Traditioun trei an drénken zesummen e Patt op dat neit Joer.














Clubmember Clubmember Clubmember

Numm:
Yann Koenig



Ech fotografeieren seit ongefeier 5 Joer.

Ugefangen hun ech mat enger analoger Canon.

Am leifsten fotografeieren ech Architektur, Portraits, Streetfotografie an Autoen.
Mettlerweil sinn ech Digital ennerwee, awer maan och heiandsdo nach gär Analog Fotoen.









Clubmember Clubmember Clubmember

Numm:
Henri Da Cruz




Ich fotografiere seit ende 2007 und ich bin Mitglied in einem Fotoclub, sowie an einigen Fotocommunities im Internet angemeldet.
Seit November 2009 beschäftige ich mich verstärkt mit dem Thema "People".
Mein Schwerpunkt liegt dabei in den Bereichen Portrait/Fashion.
Ich fotografiere sehr gerne an Outdoor, Indoor Locations sowie im Studio und mag besonders natürliche Portraits.
Ich arbeite mit einer ausgebildeten Make up Artist zusammen.
Für mich ist die Fotografie ein Hobby und ein guter Ausgleich zum Job und deshalb ist es mir vor allem wichtig, bei den Shootings Spass zu haben und interessante Fotos zu machen.

HDR-Fotografie

HDR, Wat ass dat? Virwaat héiert een esou vill dovunner a wisou soll ech dat gebrauchen? An natiirlech: Wéi geet daat?

Ech wëll elo hei net matt vill technëschem Jargon schéissen, et gi genuch Referenzen online déi daat vill besser erklären. Ech well hei just weisen wéi "meng perséinlech" Approche zum Thema ass an déi soll graff an kloer si fir jidereen.



Endresultat



Bescht méigelecht Resultat mat just enger Beliichtung

1. Wat ass dat?

- HDR ass eng Technik, déi et eis erlaabt, verschidde Beliichtungen vun däer selwechter Foto zesummen ze bréngen, fir um Enn eng Foto ze hunn, déi an alle Beräicher perfekt beliicht ass.

- Wann d'Technik richteg agesaat gëtt, da kritt een eng Foto, déi exakt deem entsprëcht, wat de Fotograaf gesinn huet. Oft héiert een: "et war esou schéin, du häss missen do sinn"! ...Daat nennt een en True Tone HDR (TT-HDR) an do probéiert een déi puer Beliichtungen esou ze mëschen, dass et esou natiirlech ausgesäit wéi méigleg.

- Wéi bei Allem, ass d'Versuchung grouss et ze iwwerdreiwen an et entsteet ee méi surréalistëscht Bild, och "Grunge Effekt" genannt. All Ufänger kënnt domadder! Et mierkt een awer séier, dass duerno all Foto d'selwecht ausgesäit.



HDR (High Dynamic Range) by www.motiv.lu



2. Ausgangsmaterial:

"Ech" stellen mäin Apparaat am Autobracketing an, matt fester Blend (Aperture Priority) (méschtens f:9 fir die néidech Schäerft ze hunn) an natiirlech matt nidderegen ISO 100. Wichteg ass, mat Stativ ze schaffen, well net seelen fir die iwwerbeliichte Fotoen Beliichtungszäiten vun iwwert 1 Sekonn (an och méi) néideg sinn! Am Beschte manuell fokusséieren a mam Beliichtungs-miesser op e Mëtteltoun am Bild ziilen. Hei am Beispill war et de Baam iwwert dem Cube! (Dëst si keng fest Astellungen, déi bei all Foto klappen, ma meng Ausgangsastellungen, déi awer variéiere kënnen)

- Hei di 3 Biller déi benotzt gouffen. (kuckt op den Histogram: sou sollen déi 3 Fotoe sinn an et erméigelechen, op der ganzer Range Wäerter ze hunn).

- Ech versichen och nie méi wéi 3 Biller ze benotzen, well Verwackelungsgefor ass méi grouss matt méi Biller (beim Nikon ATBKT ginn et 9 Biller) an et entsteet och méi Rauschen beim Zesummesetzen am Photomatix:

3. Wann een seng 3 Biller huet, kann een déi am Photomatix opmaan:

Hei sinn elo meng Standardastellungen:

- Ech alignéieren "ëmmer" bei Matching features...
- Chromatësch Aberratiounen entstinn oft bei schlechten- oder Wäitwénkel Objektiver: demno kann een hei uklicken, awer och no Préférenz an engem Bildbeaarbechtungsprogramm wéi LR3 oder PS ganz einfach ewechmaachen.
- Reduce Noise: maan ech léiwer am PS, hei haat ech oft matscheg Resultater an Verloscht u Schäerft
- Ghosting: op Allefall uklicken, ob et eng Landschaft ass matt Beem a Blieder wéi a mengem Beispill oder ob et eng Strooss ass, wou Autoe laanscht fueren oder Leit spazéieren.


4. Wat geschitt duerno?

Photomatix, HDR Pro oder HDR EFEX PRO sollen, a mengen Aen, nëmme benotzt ginn fir d'Biller zesummen ze kréien: Noschärfen, Faarwkorrektur, eppes ewech stempelen, Rauschen entfernen a mäin "perséinlechen Touch" entstinn ëmmer nach am Photoshop. Do ass et wou sech een HDR vum aaneren ënnerscheed. Och wann ee reng theortësch alles am Photomatix maache kéint, huet een nach laang net déi selwécht Kontroll, wéi wann een et duerno am Photoshop mecht.

Ech hoffen dëse Bäitrag hëlleft Iech e bësse weider. Ech hu versicht et esou einfach duer ze stellen, wéi et nëmme geet. Alles wat hei steet ass net "Gesetz", just meng perséinlech Erfahrung an d'Art a Weis, wéi ech schaffen, matt menge Wieder erkläert, ouni e copy/paste aus engem Wikipedia Artikel ze maan.

Vito Marinelli aka Motiv

HDR (High Dynamic Range) by www.motiv.lu






















Reportage:

Memberen WFF



















Impressum Impressum Impressum

Editeur: Walfer Foto-Frenn

Redaktioun:
Patrick Heller
Guy Rehlinger
Luc Ramponi

Layout:
Luc Ramponi

Copyright: WFF 2011

WORKSHOP mam Pierre Levy (www.levygraphie.lu)

D'Summervakanz huet ugefaangen an en etlech vun iech wäerten an den nächsten Deeg a Wochen net am Land sinn. Trotzdem hu mer gemengt et kënnt interessant sinn, am August eng Aktivitéit ze plangen, speziell fir déi, déi grad dann net fort sinn.
Zesumme mam Pierre Levy wëlle mer donneschdes, den 11. August 2011 um 18.30 Auer an an ëm eise Studio e Workshop ofhalen. Den Thema ass: "Blëtzen mam Speedblëtz" (also deem Blëtz, deen normalerweis op de Boîtier gestach gëtt!).

De Pierre weist eis, an Theorie a Praxis, wéi ee mat engem normalen "Opstiechblëtz" interessant a gutt beliichte Portraiten mécht, mam Contrejour eenz gëtt, d'Beliichtung an d'Farw vum Hannergrond beaflosse kann an datt een net ëmmer eng déck Studiosanlag brauch, fir Fotoe mat interessanten Effekter ze kréien.

Viiraussetzung fir beim Workshop matzemaachen ass, datt dir eng Kamera hutt, wou dir e System- oder soss e Speedblëtz kënnt dropstiechen. Kamera a Blëtz mussen e manuelle Modus hunn an de Boîtier muss d'Méigelechkeet bidden, fir de Wäissofgläich manuell veränneren ze kënnen.
Natiirlech ass et wichteg, datt dir och mat ärer Kamera a mam Blëtz am manuelle Modus (!) ëmgoe kënnt.

De Workshop dauert ca 2 Stonnen an huet een theoretëschen (ca 30 Minutten) an ee prektëschen Deel (de Rescht...).
D'Participanten solle Kamera a Blëtz (an noutfalls d'Gebrauchsanweisung vu Kamera a Blëtz) matbréngen.

Aus organisatorësche Grënn kënne maximal 9 Leit bei dësem Workshop matmaachen! Sollte sech méi wéi 9 Leit umellen, organiséiere mer dëse Workshop no der Vakanz nach eng Kéier. Wann der also interesséiert sidd, och wann den Datum am August iech méigelecherweis net passt, mellt iech op jiddefall un! Preziséiert dobäi awer, ob dir am August oder léiwer no der Vakanz wëllt matmaachen.
Den Datum no der Vakanz steet nach net fest a gëtt spéider den Interessenten matgedeelt.

Umeldungen w.e.g. bis spéitsdens de 5. August per E-Mail un de Sekretär (helpat@pt.lu).

Walferdange
Port Payé

PS/633

Editeur responsable:
Walfer Foto-Frënn
B.P. 72
L-7201 WALFERDANGE
www.wff.lu
info@wff.lu
Parution:Périodique